

EN TRAINING, DEEN ZESUMMESCHWEESST

MUPPELÉIFT BEIM HONDSPORTVERÄIN „HSV BEETEBUERG“

📍 Den „HSV Beetebuerg“ ass de gréissten Hondssportveräin aus dem Land. Am Abléck zielt e ronn 120 aktiv Memberen, déi reegelméisseg zesummenkommen, fir mat hire véierbeenege Frënn eng schéin Zäit ze verbréngen.

D'Freed steet am Zentrum

Den „HSV Beetebuerg“ bitt dräi Disziplinnen un, déi eenzel kënne besicht ginn: d'Welpeschoul, de Gehorsamstraining an den Agility. Prinzipiell sinn all d'Rasse fir all Zort vun Training gëeegent, egal ob kleng oder grouss, Rassenhond oder Baaschtert. Wärend Molossen opgrond vun hirem kräftege Kierperbau allerdéngs net fir den Agility a Fro kommen, gëtt d'Welpeschoul respektiv de Gehorsamstraining fir all Mupp – an all Meeschter – recommandéiert a jiddereen ass wëllkomm.



Den eenzege Veräin am Land mat enger **Agilityhal**.

Besonnenesch am Welpenalter gëtt e wichtege Grondstee geluecht. Am Welpentraining spillen déi ganz jonk Muppe mateneen, se ginn, wat mir nennen, „sociabiliséiert“. Se léieren awer och mat aneren Hënn eens ze ginn, Aggressivitéit ofzebauen, hire Gläichgewichts- an Orientierungssënn ze stäerken. An dat mécht dem Mupp Freed. „Hënn schaffe gär“, erkläert de Romain Binsfeld, President vum Veräin, „si hunn eng grouss Begeescherung, en enorme Spaass, an dat ass schéin ze gesinn. Se renne bis se ëmfalen – wat mer natierlech net zouloossen (laacht)“.

Wann den Hond aus dem Welpenalter eraus aus, léiert en am Gehorsamstraining déi wichtegst Befeele fir den Alldag, nämlech bei Fouss ze goen, sech ze sëtzen oder ze leeën an op Kommando ze bleiwen. De Meeschter kritt gewisen, wéi e richteg mat sengem Mupp ëmgeet a spillt, wat guer net esou evident ass, wéi ee kéint mengen.

En intergenerationellt Matenaner

Als Eenzegen am Land verfüegt de Veräin och iwwer eng eege richteg Agilityhal mat Hindernisser wéi dem Pneu, dem Tunnel, dem

Lafsteg, der Kloterwand, dem Slalomparcours an der Schaukel.

Hei gëllt de selwechte Prinzip wéi fir d'Wepeschoul an de Gehorsamtraining: Et gëtt zu kengem Moment Dressur bedriwwen. All Form vu Gewalt gëllt als Tabu. „Sou e Mupp ass och nëmmen e Mënsch“, betount de Romain Binsfeld, deem dëse Prinzip besonnesch um Häerz läit. Am Virdergrond steet d'Wuel vum Hond.

Den Agilitytraining ass doriwwer eraus net just eng sportlech Aktivitéit fir den Hond, mee och fir de Mënsch. Et ass also en Zesummeschweessen – am duebele Sënn. De gemeinsamen Training bréngt net just Mënsch an Déier méi no zesummen, mee och d'Memberen ënnerteneen, bitt hinnen d'Geleeënheet nei Bekanntschaften ze maachen, och iwwert déi eege Generatioun eraus. All Altersschichte si gutt

vertrueden, vu Jonken ab 8, 9 Joer bis hin zu Senioren. Si all bedeelegen sech u flotten Aktivitéite bannent a baussent der Hal a si mam Veräi bei Evenementer vun der Gemeng vertrueden. Ausserdeem engagieren se sech zesumme fir de gudden Zweck, huelen um „Relais pour la Vie“ an anere soziale Projeten deel a maache reegelméisseg Done fir verschiddenen Associatioun wéi Unicef, Schrëtt fir Schrëtt an Télévie, fir de Beetebuerg Park, d'Scouten an anerer.

Groussen Erfolleg bei Concoursen

An der Hondschoul léiert een, ganz ouni Drock sengem Mupp déi wichtegst Befeele méi no ze bréngen. Grad esou kann een och dem Agilitytraining ausrenger Freed un der Saach nooen. Et besteet awer och d'Méiglechkeet, un enger vun de sëllege Kompetitiounen deelzehuelen. Net siele setzen sech Membere mat Succès um nationalen, ma souguer um

internationale Plang duerch, wéi ënner anerem d'Fabienne Thines, dat mat senger Sheltië méi wéi eng Kéier eng vun de viischte Plaze bei der Agility-Weltmeeschterschaft konnt beleeeën. Dat selwecht gëllt fir de Fern Eiffes, deen den alleréischten Agility-Weltmeeschter iwwerhaapt war.

Leider bremst déi sanitär Situation och den Alldag vum Veräin aus, sou dass säit iwwer engem Joer keng Concours méi stattfonnt hunn. Ma d'Muppen an hir Meeschtere sti schonn an de Startlächer – a vläicht sidd Dir déi nächste Kéier jo mat dobäi!

Wie selwer e Mupp huet an/oder de Veräin an dëse schwéieren Zäite wëllt ënnerstëtzen, fënnt um Site all déi néideg Informatiounen.

www.hsvbeetebuerg.com



Hondstoiletten

Exkrementer vun eise véierbeenege Frënn matten um Trottoir oder am Noper sengem Virgäertche si kee Pleséier, weeder fir d'A nach fir d'Nues. Doriwwer eraus kënnen se souguer eng Gefor duerstellen. Si stellen eng méiglech Infektionsquell duer an et kann een dorop ausrëtschen. Aus de genannte Grënn huet d'Gemeng op verschiddene Plazen Hondstoiletten installéiert. Och hei gëllt d'Flicht fir de Meeschter, d'Exkrementer opzehiewen. Fir dësen Zweck sti Spendere mat Tuten a Poubellë bereet. Bei Netbuechtung vun dëser Reegel kann eng **Strof vu 25 bis 250 Euro** ufalen.

Op dëse Plazen an der Gemeng befanne sech Hondstoiletten:

Näerzeng: Agang vun der Cité Beaulieu
Hunchereng: Rue du Ruisseau
Beetebuerg: Sportszenter hannert der Hal 2, Bréck Rue Lentz, Route de Luxembourg (bei der Parkplaz), Sonnepromenad (op der Héicht vun der Rue du Parc), Gréanlag Klensch (Route de Peppange)

Mir zielen op Är Mathëllef, eis Gemeng propper ze halen an eis solidaresch mat eise Matbierger*innen ze weisen!

